LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°4530 du 24 juillet 2026 de l'honorable député Marc Goergen au sujet de problèmes chez Post Finance**

**Kann de Minister bestätegen, dass et zu Problemer bei POST Finance, respektiv EBOO, op Kontostänn, Kontoauszich oder Iwwerweisunge komm ass? Falls jo, wéi vill Reklamatioune goufen an deem Zesummenhang registréiert?**

No der Migratioun vu senger IT- Infrastruktur ass et effektiv Ufank Juli zu Problemer bei POST Finance komm. Dës Migratioun, déi wärend méi ewéi zwee Joer virbereet gi war, huet zum Zil, d'IT-Infrastruktur ze moderniséieren duerch e Remplacement vum zentralen IT-System (« core banking system »), op deem d'Bezuelaktivitéiten vu POST Finance esou wéi eng ganz Rei Applikatiounen an Interfacen baséieren.

Duerch dës Migratioun kritt POST Finance eng modern, performant an evolutiv Infrastruktur, déi capabel ass, d'Entwécklung vun den Finanzdéngschtleeschtungen ze begleeden. POST Finance huet doduerch och d'Méiglechkeet, den ëmmer méi groussen Exigenze vum Finanzsecteur gerecht ze ginn an seng Missioun am Déngscht vun den Privatclient'en, Entreprisen, Associatiounen an aneren Acteuren vun der Lëtzebuerger Ekonomie weider ze exekutéieren.

Dës Modernisatioun muss och an de Kontext gesat ginn vun engem essentiellen Objektiv, ~~deen eis alleguerten ugeet~~. Doduerch dass POST Finance e wichtege Rôle am Domaine vum Accès zu Bezuelaktivitéiten ze Lëtzebuerg spillt, ënnerstëtzt POST Finance aktiv d'finanziell Inklusioun hei am Land. POST Finance stellt enger grousser Zuel vu Leit Bankkonten a Bezuelméiglechkeeten zur Verfügung, am Respekt vum legalen a regulatoresche Kader. D'Erneierung vu senger IT-Infrastruktur ass en indispensabelen Investissement, deen et POST Finance erlaabt, seng Missioun weider ze assuréieren an d'Evolutioun vun de Besoin'en vun de Privatclient'en, Entreprisen, Associatiounen an aaneren Acteuren vun der Lëtzebuerger Ekonomie weider ze begleeden.

Wéi de Post Finance-Client'en am Virfeld matgedeelt gouf, war et fir d'Migratioun vun der IT-Infrastruktur onvermeidlech, d'Servicer vun POST Finance wärend dem Week-end vun der Migratioun ze ënnerbriechen. Och wann d'Remise en Service vun den Applikatiounen ewéi geplangt ofgelaf ass, hunn awer verschidde Fonctionnalitéiten am Laf vun deenen nächsten Deeg nach ajustéiert misse ginn.

Déi Anomalien, déi no der Migratioun festgestallt goufen, betreffen haaptsächlech verschidde Fonctionnalitéite vun der Applikatioun „eboo", notamment den Affichage vun de Kaarten an de Libellé'en vun de Viremente. Et gouf och Anomalien um Niveau vun den « extraits de compte » vun professionellen Client'en. Dës Anomalien hunn zu kengem Ament d'Sécherheet vun de Systemer an de Clients-Donnéen oder d'Integritéit vun den Operatiounen a Gefor bruecht. E puer mises à jour'en vun der Applikatioun „eboo" goufe progressiv ëmgesat fir dës Anomalien ze verbesseren. Déi allermeeschte sinn entre-temps geléist an d'Situatioun huet sech erëm normaliséiert.

Et ass och wichteg festzehalen, dass no der Migratioun d'"Virements instantanés sortants" net direkt op „eboo" an am „Réseau de vente" reaktivéiert goufen. Dëst war e bewosste Choix am Kader vun enger progressiver an maîtriséierter Reprise vun den Servicer. D'"Virements instantanés sortants" goufen den 10. August 2026 reaktivéiert. Déi klassesch Virement'en an d'"Virements instantanés entrants" waren disponibel wärend där ganzer Period.

D’Zuel vunde Reklamatiounen ass an den Deeg no der Migratioun temporär eropgaangen. POSTFinance huet awer keng Informatiounen zu der Zuel vu Reklamatiounen, déibestëmmt konkret Aspekter betreffen ewéi zum Beispill de Solde vun de Konten,d’Extrait’en oder d’Virement’en, well d’Reklamatioune vu verschidden Equippentraitéiert ginn. All Reklamatioun gëtt enregistréiert a mat gréisster Suergfalttraitéiert.

Luxembourg, le 17/09/2026
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l’Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles